**Ried – Kulturbudget 2025/2026**

*Conseil communal Hesperange – Séance vum 08. Dezember 2025*

---

**Moien,**
**Madame d'Buergermeeschtesch,**

**Här Schäffen,**

**Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot,**

**Leiw Nolauschterer am lifestream**

Ech soen Iech villmools Merci, datt ech d'Wuert dierf huelen. Et ass fir mech e wichtegen a schéinen Moment, well ech haut iwwer e Sujet schwätzen dierf, deen net nëmme meng politesch Aarbecht, mee och mäi perséinlecht Engagement an meng individuell Iwwerzeegung reflektéiert: **d'Kultur an eiser Gemeng Hesper erklärt an 5 Kapitelen**

**Als éischt Etapp wëll ech an d'Kultur als Investitioun an d'Mënschen agoen.**

**Mir haten am Januar 2025 17.119 Awunner**, dovun **54 % mat auslännescherNationalitéiten**.
Dofir muss d'Kultur nach méi **oppe, divers an accessibel** sinn, fir wierklech **jiddereen** ze erreechen an z'integréieren an eis Gemeng.

Ech sinn iwwerzeegt dovun, datt eng Gemeng, déi an d'Kultur investéiert, **an hir Mënschen investéiert**. D'Fuerderung vun der d'Kultur ass eng Investitioun, déi sech op vill Manéiere rentéiert – och op Manéiere, déi ee net direkt gesäit, mee déi een iwwer déi nächst Joren a Generatioune spiert.

Kultur ass eng Ressource, déi Kreativitéit an d'Dagesliicht bréngt, déi d'Mënschen encouragéiert, selwer aktiv ze ginn, an déi hinnen e Kader bitt, wou si sech ausdrécke kënnen. **Kultur ass net nëmme Konsomatioun – Kultur ass Participatioun.**

Wann eis Leit sech kulturell entfale kënnen, da wuessen si net nëmme perséinlech, mee och als Gemeinschaft. Dofir sinn kulturell

Investitiounen ëmmer Investitiounen an **d'Solidaritéit**, **d'Integratioun**, **d'Wuelbefannen** an **d'Zukunft** vun eiser Gemeng.

Mir hunn eng Reih kulturell Erliefnisser, déi all Joer erem stattfannen an mettlerweil zu den traditionellen Erliefniesser vun eiser Gemeng zielen. Dorenner sinn zum Beispill:

- de Neijoer Concert, deen all Joers stattfennt;
- Hesp'Art, wou emmer ee flott Evenement ass. Eis Gemeng kennt do all Joers ennert dem Zeechen vu Konscht a Gemeinschaft zesummen.
- An mir hunn och eise Kultursummer, deen ëmmer erëm e grousse Publikumsmagnéit ass fir eis Gemeng, mee och fir déi ganz Regioun ronderem.

An sou soll et och weidergoen.

**An dann wëll ech an enger zweeter Etappe an die Besonnesch Situatioun vun eiser Gemeng agoen.**

Mir sinn eng grouss Gemeng mat enger ausgesprach héijer Diversitéit. Zu Hesper wunnen 54 % Auslänner an méi de 120 verschidden Nationalitéiten. Dat heescht, mir hu méi Kulturen, méi Sproochen an méi sozial a kulturell Hannergrënn bannent enger eenzeger Gemeng wéi vill anerer am Land.

An enger esou diverser Struktur huet d'Kultur eng nach méi grouss Bedeitung. **Si ass den inklusiven Terrain**, wou jidderee sech erëmfënnt, wou jidderee wëllkomm ass an wou et net zielt, wou een hierkënnt oder wéi ee schwätzt.

Kultur bréngt Leit zesummen, déi am Alldag vläicht kaum géife matenee a Kontakt kommen. An dëst Zesummekommen ass wichteg: Et verhënnert Parallelgesellschaften, et verhënnert sozial Isolatioun, et verhënnert dass mir nieftenee liewen, ouni wierklech zesummen ze liewen.

**Kultur mécht eis aus villen Eenzelpersounen eng Gemeinschaft.**

**Als dretter Etappe wëll ech och op d'Roll vun der Gemeng Hesper als e Leader am Kultursecteur agoen.**

D'Kultur ass net en Terrain, wou mir nëmme „och mat dobäi" sinn. Nee, d'Gemeng Hesper ass an de leschte Joren **e Leader ginn**, eng Gemeng, déi sech als Virbild etabléiert huet.

Déi kulturell Offer, déi mir hunn, ass esou variéiert, esou konsequent entwéckelt an esou gutt organiséiert, datt mir dacks Feedback kréien – net nëmme vu Biergerinnen a Bierger – mee och vu Leit aus anere Gemengen, déi eis Offer als beispillhaft gesinn. Et ass kee Geheimnis, datt eng Reih aner Gemengen op eis kucken an sech inspiréieren loossen.

An et weist, datt d'Kulturpolitik hei an der Gemeng Hesper **net nëmme funktionnéiert, mee wierkt.**

**Ech betounen an enger véierten Etapp, dass d`Kultur, mee och de Sport, Tourismus an déi aner Fräizäitberäicher een Atout vun eiser Gemeng sinn.**

D'Kultur steet net eleng. Si steet nieft dem Sport, nieft den Aktivitéiten fir Jonker an manner Jonker, nieft de sozialen a pädagogesche Projeten. A grad dëse Mix, dës Vielfalt, mécht eis Gemeng esou attraktiv.

De Sport zu Hesper baséiert op wichtege Infrastrukturen, déi regelméisseg Ënnerhalt a Moderniséierung brauchen. D'Gemeng ënnerstëtzt aktiv d'Veräiner an d'Aktivitéiten, dorënner gëtt e **Jugendsubsid** un d'Associatiounen, déi Kanner a Jugendlecher tëscht 5 an 18 Joer betreien. De Subsidd läit bei **120 € pro Member tëscht 5 an 18 Joer**.

De Tourismus zu Hesper ass virun allem op d'natierlecht Ëmfeld an op de Camping Alzingen opgebaut, deen eng wichteg Adresse fir d'Visiteuren duerstellt. D'Ënnerhaalung vun den Infrastrukturen, d'Moderniséierung vun den Installatiounen an d'Promotioun vum Tourismus si wesentlech, fir dës Attraktivitéit ze erhalen.

D'Gemeng stäerkt och hir Visibilitéit duerch hir Adhésioun beim **Office Régional du Tourisme Guttland a.s.b.l.**, wat eng besser

Integratioun an déi regional an national Tourismusnetzwierker erméiglecht

Ech denken, mir sinn eis all eens, datt eng Gemeng, wou Kultur, Sport a Gemeinschaft zesummespillen, eng Gemeng ass, wou ee sech doheem fillt, wou ee sech gesi fillt, a wou ee wëll bleiwen.

**An enger lëschter Etappe wëll ech dann op d'Kultur an d'Philosophie hannendrun agoen.**

Wat ech haut hei wëll erausstäichen, ass **d'Philosophie**, déi hannert eiser Kulturpolitik steet:

- Kultur fir jiddereen, net nëmmen fir een Elitkrees,
- Kultur als Integratioun, net als Trennung,
- Kultur als Oppenheet a Diversitéit,
- Kultur als Ressource fir d'Zukunft vun eiser Gemeng,
- Kultur als eppes, dat gratis oder bezuelbar bleift,
- Kultur als eppes, dat d'Veräiner integréiert an d'lokal Kënschtler stäerkt.

**Mat dësem Kulturbudget 2026 drécken mir e ganz klore politesche Message aus.**

**Mir wëllen d'Kultur net nëmme erhale – mir wëllen se stäerken.**

**Mir wëllen net stagnéieren – mir wëllen virugoen.**

**Mir wëllen eiser Populatioun net nëmme Offeren maachen – mir wëllen hir eng Stëmm ginn.**

**Mäi Schlusswuert** ass d'**Kultur ass eng Investitioun an eis Zukunft.**

Ech sinn dankbar, datt mir am Budget déi néideg Plaz fonnt hunn, fir d'Kultur weiderhin als ee vun de fundamentale Piliere vun eiser Gemengerpolitik ze behandelen. Et ass wichteg, datt mir als Gemeng esou kloer soen: **Kultur ass kee Luxus – si ass e fundamentaalt**

**Mënscherecht.** Si ass e wichtegen Deel vun der Liewensqualitéit, e Basis-steen vum Zesummeliewen an eng Quell vun Identitéit.

Mam Kulturbudget 2026 investéiere mir an d'Mënschen, an eis Gesellschaft an an d'Zukunft vun eiser Gemeng.

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet.